

Déi Stonn ier de Fliger gong

'T war en hondsgewéinlechen Dag an der Woch. D'Wieder war grad sou. 'T huet nët gereent, mä den Himmal war zou, an 't konnt all Ablack ufänke mat sabbelen. Mueres hat et well gefisemt.

De Lëtzebuenger sollt ee vu München op de Findel féieren. De Fliger gong em fënnef, mä 't war réischt kuurz no dräi. De Preiss hat deen Owend virdrun am Cercle iwwert d'Situatioun an den neie Bundesländer geschwat – a gutt geschwat – mä dee ganzen Owend a lo nach d'Mëttegiess mat him zesummen, gong dat dem Lëtzebuenger duer. Hien duecht just nach u fënnef Auer, mä 't as ee jo héiflech. Den Dag war souwisou am Eemer.

„Braustübl, das klingt doch deutsch!“, sot de Preiss. Se ware just do laanscht gefuer. De Lëtzebuenger huet eng Grëtze gelaacht, mä nët drop geäntwert; en hätt och nët richtig gewousst, wat. De Preiss wollt nach anzwousch „einen guten luxemburgischen Kaffee“ drénken; de Lëtzebuenger duecht, da fiers de mat him heivir bei de Pol. De Pol hat eng Wiirtschaft eppes méi uewenäus a stoung, zënter e viru séngem Häus ugestouss gi war, mat enger Krätsch hannert der Téik. En hat och Lottoschäiner.

Se souzen do mat de Läffelcher am Kaffi ze réieren. De Pol war nët do; séng Strutz vu véierzéng, fofzéng huet zervéiert a Knätsch geknat. Dobäusse bei der roudier Schantjensluucht huet ee mam Presslofthummer geroost. Wann et gréng gouf, as de Portugis riwwer op den Trottoir gaang an huet d'Autoe laanscht gelooss.

„Wat as dat en houere Kaméidi!“, sot ee vun deenen Dräi am Eck. Se hun eng Parti Whyst gedresch an de Béier äus Klensche gedronk. Jonk Kärelen. Häre Chômeuren,

duecht de Lëtzebuenger, soss séizen déi nët em dës Auer hei mat der Kaart ze spillen.

„Was spielen die da für ein Spiel?“ frot de Preiss.

„Whyst“, sot de Lëtzebuenger.

„Aja, das kennt man auch hier!“

De Lëtzebuenger huet nees gelaacht, mä an engems op d'Zänn gebass an am Rescht Kaffi geréiert. Een Ablack wollt en dem Preiss son, hei wire fréier e puer Brauereie gewiescht, mä en duecht, wat solls d'engem vu München dat op d'Nues bannen. Der Schécks hire Kaffi war gutt a säustaark; jiddefalls besser, wéi deen uewen an der Stad nom Mëttegiessen. D'Gehummers dobäusse gong nees lass.

„Gibts einen Steinhäger hier oder sowas ähnliches?“, frot de Preiss an hat d'Regaler hannert der Téik am A.

„Quetsch“, sot de Lëtzebuenger automatesch.

En huet d'Meedche geruff. Lo wollt de Preiss wëssen, ob den „Tax free“ hei interessant wir. De Lëtzebuenger sot, hie géif scho mengen. „Nicht viel los hier, an den Werktagen“, sot de Preiss.

De Lëtzebuenger hat kee Quetsch matbestallt. En huet dee leschte Whisky vum Owend virdrun nach am Kapp sëtze gehat. De Preiss huet op den Ticket nieft dem Quetsch gekuckt. „Nicht mal vier Mark!“, sot en, „und mehr als drei Zentiliter. Schmeckt irgendwie nach frischem Slibowitz“.

Aarschlach, duecht de Lëtzebuenger. Mä d'Mooss war dem Meedche wiirklech gutt geroden. E Gléck, dat de Pol dat nët matkritt hat.

„Mein Vater war damals kurz in Luxemburg; vierzig, beim Durchmarsch nach Belgien; hat er mal erwähnt.“

„Der Werner Fink auch!“, sot de Lëtzebuenger. „Er hat in seinem Buch geschrieben, wir seien ein komisches Volk; wir hätten am Straßenrand gestanden und zugesehen; mit den Händen in den Hosentaschen.“

De Preiss huet haart gelaacht. De Lëtzebuenger huet sech heemlech iwwert sech selwer geiergert.

Déi Dräi um Kaartendesch hate lo eng haart Diskoussioun, well een, wéi et schéngt, nët bekannt hat.

De Preiss huet op d'Auer gekuckt. „Ich glaube, wir müssen allmählich“.

De Pol koom mat der Krätsch äus dem Hannerhaff. Sāi Jéngst as verschwonnen, ouni eppes ze son.

„Moie Pol“, sot de Lëtzebuenger.

„A salut“, sot de Pol, „hues de de Lotto scho gemaach?“

„Ech kommen herno rëm; oder muer“, sot de Lëtzebuenger.

„Das habe ich verstanden“, sot de Preiss, „ist das unser Lotto?“

„Jaja“, sot de Lëtzebuenger an as opgestanen, fir ze bezuelen.

Wéi s'äus dem Neiduerf räus waren, wollt de Preiss nach wëssen, wat dat mat deem Numm „Findel“ op sech hätt; „klingt doch deutsch!“

Hie wéisst dat och nët, sot de Lëtzebuenger. Lo war en e gläich lass.

josy braun

